# Trëppel an de Mee

Org. Ouljer Musek

## 30. Abrëll 2023

Häerzlech wëllkomm op eisem kulinareschen Trëppeltour!

## De Menü

| | |
|---|---|
| 1. Statioun (Millen, Ouljen) | Amuse-Bouche mat engem Glas Meebowle |
| 2. Statioun (Centre Culturel, Ouljen) | Frësch Meloun mat Ham an e Patt Cabernet Blanc |
| 3. Statioun (Waasserbaséng) | Sorbet aus wäissem Kéis mat Quetschen |
| 4. Statioun (Centre sportif, Rued-Sir) | Rouladen resp Wirsingrouladen mat Gromperen a Geméis |
| 5. Statioun | eng Dréppchen oder e Likör aus lokaler Produktioun |
| 6. Statioun (Centre Culturel, Ouljen) | Kaffi an Dessertsbuffet |

Op all Statioun kritt Dir zousätzlech Gedrénks ze kafen.

Op der 2. a 4. Statioun kënnt dir zousätzlech e Wupp fir d'Kanner kafen.



## De Wee

Vun der Mille fort geet et uewen op der Strooss riets iwwert d'Bréck an d'Eisebunn fir da riets op de Flouerwee anzebéien.

Op der nächster Kräizung geet et riets Richtung „Ouljen Center", iwwert d'Schinnen laanscht dat Gebai mat dem héijen Tuerm. Dann nach just iwwert d'Strooss an de Centre Culturel, wou Iech d'Entréee servéiert gëtt.

No der klenger Ofkillung geet et nees zréck an d'Kierchestrooss, iwwert d'Barriär an iwwert d'Syre. Op der Kräizung wou mir scho waren geet et dës Kéier no riets Richtung Rued-Sir. Um halwe Wee op Rued erbléckst dir schon déi nächst Statioun. Hei waart eng lecker Erfrëschung op Iech.

Weider geet et Richtung Rued-Sir. No den éischten 2 Haiser komme mir an der rue du Moulin eraus. Hei gi mir no riets an geschwënn ënnert der Eisebunn erduerch. Direkt nom Tunnel geet et lénks dem klénge Pietchen no op d'Gare. Hei gi mir riets de Bierg erop a kommen op der Ouljer Strooss eraus. Mir ginn no lénks laanscht déi al Kierch, weider Richtung Kierch. Virun der neier Rieder Kierch geet et riets de klenge Stouss erop an de Schoulhaff a vun do riicht an de Syrkus bei den Haaptplat.

Gutt gestärkt maache mir eis op de Wee zréck op Ouljen. Mir ginn zréck duerch de Schoulhaff a lénks am Eck d'Trapen erop. Uewe gi mir iwwert d'Spillplaz eraus op d'Strooss a mir orientéiren eis no uewe Richtung Kierfecht a Bësch. No e puer Meter, hannert dem leschten Haus geet et riets e Pad eran. D'Trapen erof komme mir an der Cité a Millesch eraus. Mir dréien no lénks, ginn iwwert d'Strooss a an déi aner Strooss eran a ginn duerch d'Cité bis mir hannen an der „ue Hierdegaart erauskommen. Hei dréie mir no lénks, biergop. Op der nächster Kräizung, gett et net weider Richtung Bësch mee no riets. De klenge Stouss erop komme mir bei de Waasserbaséng. Hei erblose mir eis kuerz, an huelen eng lescht kleng Stärkung ier mir eis op de Wee, de Bierg erof, bei den Dessert maachen.

Wann dir de Bierg erofkommt, gitt dir op der Kräizung de Flouerwee no riets. Et geet lo laanscht e groussen Haff. Lo heescht et nach eng Kéier kuerz gutt oppassen op der Strooss, wa mir nol lénks de biergof op Ouljen an zréck an de Centre Culturel ginn.

No engem gudde Kaffi an eppes Séissem kënne mir hei den Owend gemittlech zesummen ausklénge loossen.

Bei all Statioun (ausser beim Sorbet) fannt Dir Toiletten!

P.S. De 14. Mee ass grousse Blummemaart hei zu Ouljen

## Ënnerwee

Mir bieden Iech folgend Reegelen ënnerwee ze respektéiren :

- Ëmmer um Wee bleiwen
- Den Dreck geet mat an déi nächst Dreckskëscht
- De Kaméidi a Grenzen halen
- Kee Feier ënnerwee maachen
- D'Hënn mussen un der Léngt bleiwen
- D'Natur respektéieren an näischt futti maachen




Sollt Dir ënnerwee iergend ee Problem hunn, rufft um Tourtelefon un:




621 240 928

(Steve Elcheroth)



① Départ
Arrivée ⑥
②
③
④
⑤
Olingen
Roodt-sur-Syre
Alternativ tëschent
Statioun 4 a 5
(rue d'Olingen, cité a Millesch)
komoot
Gare de Roodt
Féschbech
Birken
Béiwelek
Blaasselt
Steen
Jeich
Alewee
Tronk
Breetfeld
beim Kiem
Kiem
Laanheck
Laag
Bongert
Lauschbich
Poweléck
Kaatzbech
Nurris
Keismaart
Banzelt
Riedel
Brill
Botterwis
Faascht
Soud
Mëlbe
Brédendréisch
Stroos
Sauerwiss
Hiirden
Lëtschewiss
Grönnchen
Riedgen
Kuelesbaach
ënner dem Widdebierg
Plakert
Jongludesbierg
Rue d'Olingen
Rue de Mensdorf
CR134
CR122
N1